# Leserbrief

Bettembourg, den 21.10.1995

Liebe Forum-Herausgeber,


Danke für das offene Wort in eigener Sache. Daß die Abonnentenzahl sinkt, wundert uns nicht. Zumindest beim letzten Mal haben wir die Erneuerung des Abonnements mit der Verbundenheit zum Herausgeberkreis und aus Tradition (!) begründet. Inhaltlich interessiert uns die Zeitschrift immer weniger.

Forum war für uns ein von Christen getragenes kritisches, Impulse gebendes Blatt. Innerkirchlich gesehen ist Forum uninteressant, nicht aktuell, resigniert und ohne Vision. Man spürt, daß die Zeitschrift kaum noch von christlichen Gruppen getragen wird. Wir glauben, daß bei zunehmender Distanz zum ursprünglichen Milieu die Abonnentenzahl noch weiter fallen wird.
In freundschaftlicher Verbundenheit,

**Marianne und Jom Weber**

*E grousse merci fir dem Jom an dem Marianne Weber hire Bréif, well si hun do e waarmt Eisen ugepaakt. Natierlech as sech d'Redaktioun bewosst, dass di reliéis a kierchlech Theme manner Plaz an onser Zäitschrëft hu wi am Ufank, wu ët däers bal nëmme gouf, mä och wi nach virun en etlech Joer.*

*Dat huet an mengen An e puer Uersaachen:*
*1. Eng Redaktioun wi ons as näischt anonymes, mä besteet aus konkrete Mataarbechter. Wann awer déi Mataarbechter, deenen di kierchlech-reliéis Thematik besonnesch um Häerz louch, hirer Wee gaang sin oder sech aneren Interessegebidder zougedréint hun, da muss een déi betraffe Persoune froe firwat. D'Redaktioun kann dat nët änneren. Vläicht henkt deenen hir Résignatioun mam zweete Punkt zesummen.*



*2. Eng Zeitung ka nëmmen iwert Ereegnësser, Diskussiounen, Entwécklunge beriichten, di ët an der realer Welt gët. Wann awer, wi an der Lëtzebuerger Kierch, de "calme plat" herrscht, wann all progressiv Chrëschten anscheinend resignéiert hun oder jiddefalls aus der Öffentlechkeet verschwonne sin, kann ee nët d'Redaktioun derfir verantwortlech man, wann ët näischt ze verziele gët. Ons Zeitung as wi all Zeitung fird'éischt emol e Spigelbild vun der gesellschaftler Realitéit.*
*3. D'Redaktioun huet all Joer op d'mannst een Dossier mat engem reliéis-kierchlechen Thema zesummegestallt an an d'Diskussioun gehäit. Dat wore, niewebäi bemierkt, mol nët déi, di sech am schlechste verkaf hu, ganz am Géigendeel. Dëst Joer as ons beim beschte Wëlle keen Thema aus deem Beräich agefall, dat een hätte kënnen opgräifen a verdéiwen. Mä all Suggestioun as wëllkomm a Mataarbechter nach méi.*

*m.p.*